

Domaine Alice Hartmann

Wormeldange

Wormer, den 6. Dezember 2022

CHRONIKEN 2022

D'Joer 2021 hat ee grouse Virdeel: Mir hu geléiert ze relativéieren. D'Wieder war immens naass. All Dag huet vill Aarbecht mat sech bruecht a mir hunn oft misse gutt derbäi Uecht ginn. A munche Jore mécht d'Rief de Wäi selwer, mee 2021 huet d'Natur eis näischt geschenkt. Dass mir um Enn immens schéi Jusen an den Keller kruuten, hu mir eiser ganzer Ekipp ze verdanken.

No dëser ustrengender Lies war d'Fro berechtigt, wat d'Joer 2022 géif bréngen. Eng ermiddend Widderhuelung vun deem Joer virdrun oder, am Géigendeel, eng nei a ganz entspaant Saison?

De Wanter war am Groussen a Ganze relativ mëll, mee ficht. Ronderëm de Joreswiessel sinn d'Temperaturen esouguer op iwver 10 °C geklommen. Ab dem Ufank vum Joer war et op der Musel just op enger Handvoll Deeg gefruer, mee ni ganz vill. Am Mäerz dogéint gouf et ganz grouss Temperaturschwankungen: An der éischter Woch war et bal all Dag bei Sonnenopgang gefruer, mee daagsiwver war et dunn oft iwver 10 °C waarm. Schlussendlech huet et ni geschnéit, well et war ni kal oder ficht genuch. Elo scho gétt gefaart, dass et en ze dréchen Joer wäert ginn. Normalerweis ginn am Wanter d'Waasserreserven opgefëllt, mee de Buedem ass scho virum Fréijoer ze dréchen.

Wéinst der viller Sonn am Mäerz an deenen ongewéinlech mëllen Temperaturen (et war méi waarm ewéi 2018) konnten d'Riewen ënner Aarbechtsbedéngunge geschnidden a festgeboun ginn, déi fir eis immens agreabel waren, mee fir d'Riefstäck awer alles anescht ewéi ideal. Mat 219 Stonnestonne war et esouguer dee sonnegste Mäerz zanter dem Ufank vun de Wiederopzeechnungen am Joer 1947. De Rekord bis dohinner war de Mäerz 1949 (212 Stonnen).

Dëst verfréit Fréijoer huet sech an deenen nächste Méint bestäetgt: No e puer kalen an naassen Deeg (mat engem Minimum vun 0 °C a 25 mm Reen den 8. Abrëll) ass et séier richtig waarm ginn. Den 13. Abrëll war et schon iwver 21 °C! Dëse Mount war ze dréchen an d'Wéngerte goufe just de 16. a 17. Abrëll vu klenge Reeschauere genätzt (13 a 15 mm).

Déi éischt Knospen hu sech schon den 20. Abrëll gewisen. En zweeschneidegt Schwäert! Zwar hunn d'Drauwe méi Zäit, fir zeideg ze ginn, mee de Risiko, dass spéide Frascht d'ganz Lies oder en Deel dovun zerstéiert, ass nach laang net eriwver: D'Äishelleg (Mamertus, Pankratus a Servatius) kommen eréischt Métt Mee (vum 11. bis den 13.) ...

Zum Gléck sinn et bal all Dag ëm déi 20 °C. Uff! De Risiko, dass et nach emol fréiert, ass eriwver. Den 19. Mee sinn et esouguer iwver 30 °C. Um Enn vum Mount sinn e puer Wiederer, déi awer net ganz vill Ree mat sech bréngen. De Buedem ass definitiv ze dréchen, d'Riewe schéngen awer nach net drënner ze leiden. Déi vill Nidderschlei am Joer 2021 kommen eis zegutt. Dank hiren déiwe Wuerzele kënnen d'Riewen d'Waasser aus der Déift zéien. Déi éischt Bléie ginn Ufank Juni op an ab dem 10. si se scho bal iwverall ze gesinn.

D'Méint Juni, Juli an August verlafen am selwechte Rhythmus. Et ass immens waarm an de Reen – wéi wann en et géif express maachen – schéngt d'Musel ze meiden. Deen éischte Canicule-Dag ass schon den 18. Juni (37 °C). D'Wéngerten erliwen eng zweet Hëtztwell téschent dem 18. an 20. Juli. Den 19. Juli gétt esouguer en Temperaturrekord vun 39 °C gemooss. D'Wäiriewen op deenen exposéiertsten Häng fänken un, ënnert der Sonn ze leiden.

An dat aus guddem Grond: Mat 377 Stonne Sonn ass dëse Juli 2022 dee sonnegste Juli zanter de Wiederopzeechnungen an iwvertrëfft esouguer d'Joer 2018 (348 Stonnen). Et ass och deen drëttdréchenste Juli, dee jee gemooss ginn ass (7,5 mm zu Wuermer).

Während déi méi al Riewen dës Belaaschtung relativ gutt aushalen, fänken déi jonk Riewen un ze leiden, well hir Wuerzele sinn nach net laang genuch, fir un d'Waasser déif am Buedem ze kommen. Mir kommen net derlaanscht a mussen déi Wéngerten, déi als Lescht beplant goufen (zu Gréiwemaacher an um Mouerbiereg zu Wuermer), ab dem 10. Juli näzen. Do, wou d'Riefstäck am meeschten d'Läpper hänke loossen, schneide mir Drauwen an esouguer Äscht of, fir et de Planze méi einfach ze maachen. D'Lies ass hei niewesächlech – mir wëllen se just um Liewen halen.

Domaine Alice Hartmann

Wormeldange

De Wuesstem vun de Riewen ass nach am selwechte Stadium wéi 2018, mee viru véier Joer huet et am Januar, Mee a Juni vill méi gereent. D'Wiederer, déi fir den 20. an 29. Juli ugekënnegt waren, zéien nach ëmmer laanscht d'Wéngerten ... Ab dem 26. Juli fänken d'Pinot-Noiren un, sech ze verferwen.

Den August ass dee waarmste Mount zanter 1838. Elo leiden all déi jonk Riewen ënner grousser Waasserstress a mir si weiderhi gezwongen, eng gréng Lies duerchzeféieren. An der leschter Woch reent et dunn endlech. Dës 20 Liter komme spéit, mee si wäerten trotzdeem immens gutt doen.

Wat d'Klima ugeet, huet de Summer 2022 all Rekorder gebrach. Just deen 2003 war méi waarm (20,1 °C am Duerchschnëtt verglach mat 20,5 °C). E war och dee sonnigsten zanter 1949 (30 % méi wéi an der Moyenne 1991–2020) an deen dréchensten zanter 1976 (74 mm verglach mat 100 mm).

Mir fänken de 5. September mat der Lies un – fir d'éischt d'Drauwe fir d'Crémanten. Mat Erstaune stelle mir fest, dass d'Gronen zwar méi kleng sinn ewéi normal, mee ongewéinlech säfteg.

Déi éischt Deeg vun der Lies ass ganz agreabelt Wieder, mee Wiedere mat vill Reen bréngen déi allgemeng Stëmmung duercherneen. D'Temperature falen an op e puer Plazen trëtt Botrytis op. Wéinst dem Waasser ginn d'Grone méi déck, mee hir Haut méi dënn. Et muss e ganz gutt oppassen, fir dass sech de Pilz net weider ausbreit.

Mir liesen de Chardonnay an der Woch vum 20. September. D'Ertrag sinn geréng, mee d'Qualitéit ass exzeptionell. D'Pinot-Noire fir de roude Wäi ginn den 22. an 23. September gelies. Se si perfekt gesond an zeideg, de Reen huet hinnen net geschuet.

Mir decidéieren, mat der Lies fir eis Rieslingen ze waarden, bis se optimal zeideg sinn. Hoffentlech gëtt d'Wieder bis dohinner méi dréchen. Hir Lies fänkt de 26. September zu Wormer un. D'Ertrag si mat 40 Hektoliter pro Hektar net ganz déck. Obwuel e puer Reeschauere gemellt sinn, gi mer nach emol de Risiko an, e puer Parzellen nach net ze liesen, mee den 1. an 2. Oktober reent et immens vill. Glécklecherweis war et ze kal, dass sech Botrytis hätt entwéckele kënnen, a mir liesen immens schéin Drauwen. De Risiko, sech ze gedéllegen, huet sech bezuelt gemaach!

De Riesling um Pällemberg (zu Ohn), ënnert dem Dolomitfiels, gëtt de 4. Oktober gelies. D'Drauwe si schéin zeideg, d'Ertrag allerdéngs éischter bescheiden. Den nächsten Dag kommen d'Drauwe vum Fielsberg (zu Wëntreng) un d'Rei. Hir Qualitéit ass och excellent. De 6. Oktober lese mir déi éischt Parzell vun der Kapell op der Koepchen. D'Drauwe si super, mee hunn net vill Jus. Well d'Wieder nees dréchen a sonnig ass (mee kal, ënner 10 °C), decidéiere mir, eis Terrasse Wéngerten nach e puer Deeg ze gënnen. Mat hinne geet d'Lies den 10. Oktober op en Enn. Mir si vun der Qualitéit begeeschtert, mee d'Quantitéit frustréieren eis e bëssen ...

Ofschléissend muss ee soen, dass 2022 d'Antithees vun 2021 war. Vun engem Joergang zum aneren hu mer no enger Saison mat iwerméisseg vill Reen a ville groen Deeg en extreem dréchent a sonnig Joer erlieft. Béid ware stresseg, mee 2022 gëtt eis grouss Satisfaktioun, well dëst Joer huet alles, fir e groust Wäijoer ze ginn. Warscheinlech esouguer e ganz groust. D'Rieslinge waren herrlech a mir erwaarden eis vill vun de Pinot-Noiren, déi ouni Zweifel déi bescht sinn, déi mir jeemools gelies hunn. Während mir 2021 decidéiert haten, wéinst der schlechter Qualitéit kee roude Wäin ze maachen, si mer elo ëmsou méi frou, dës onbeschreiblech Jus an d'Barriquen afëllen ze kënnen.